LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 27 novembre 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 NOV. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n°1416 du 31 octobre 2019 de l'honorable Député Fernand Kartheiser concernant l'information des propriétaires concernés dans le cadre d'une modification du plan d'aménagement général**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Pour la Ministre de l'Intérieur

Alain Becker
Premier conseiller de Gouvernement

**Äntwert vun der Madame Inneministesch op d'parlamentaresch Fro n°1416 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser iwwer "Information des propriétaires concernés dans le cadre d'une modification du plan d'aménagement général"**

Den honorabelen Deputéierten freet sech engersäits firwat déi Regelung ofgeschaaft gouf, déi eng a-priori-Informatioun vu betraffene Propriétaire bei der Ännerung vun engem PAG duerch en ageschriwwene Bréif virgesinn huet (1) an anerersäits op d'Regierung der Meenung ass datt déi aktuell legal Dispositiounen nees sollten sou ëmgeännert ginn, dass all d'Proprietairen iwwert d'Akten, déi hie concernéieren, beschtméiglechst informéiert ass (2).

Wat deen éischte Punkt ubelaangt, well ech den Deputéierten informéieren, dass keng kommunal Gesetzgebung zum Aménagement, dat heescht weder d'Gesetz vum 12. Juni 1937 nach d'Gesetz vum Juli 2004 sou eng „a-priori-Informatioun" virgesäit.

Wat den zweete Punkt betrëfft, wëll ech dem Deputéierten matdeelen dass d'Regierung déi Suerg deelt, dass d'Leit, déi vun enger PAG Ëmännerung betraff sinn, och en sou fréi wéi méiglech informéiert ginn, fir hir eventuell Awänn kënne bei der Gemeng, respektiv bei mir selwer areeche kënnen.

An deem Kontext lafe ewell Beméiungen fir ze kucken, wéi een d'Enquête publique méi effizient ka gestalten, zum Beispill andeems een och an dësem Beräich eng Digitaliséierung aféiert.

D'Digitaliséierung vun der Enquête publique ass sécher eng noutwenneg Saach, mee si muss och mam entspriechende legale Kader ekipéiert sinn, fir ze verhënneren dass d'PAG oder och d'PAP Prozeduren onnéideg an d'Längt gezu ginn, well e Propriétaire zum Beispill net lokaliséiert ka ginn.

Géif een alleguer d'BiergerInnen am Kader vu gréissere Projeten, wéi zum Beispill eng global Revisioun vun engem PAG oder PAP "Quartier existent", eenzel informéieren, géif dat en héijen administrativen Opwand mat sech bréngen a géif riskéieren, eng regelméisseg Moderniséierung vun de Bauregelen an de Gemengen ze verhënneren.